**Invitatioun op d'Informatiounsveranstaltung**

## „Nachhaltige Energieversorgung durch regionale Energiegemeinschaften – Lösungen und Praxisbeispiele"

Klima-Agence, den nationale Partner fir Energie a Klima, an den Natur- a Geopark Mëllerdall invitéieren Iech häerzlech op d'Konferenz **„Nachhaltige Energieversorgung durch regionale Energiegemeinschaften – Lösungen und Praxisbeispiele"**, déi am Kader vum Programm Klimapakt fir Betriber stattfënnt.

**Wéini?**
10. Februar 2025, ab 16:00 Auer

**Wou?**
Trifolion, 2 Porte St. Willibrord, L-6486 Echternach
Op dëser Veranstaltung ginn Iech praxisorientéiert Léisungen an erfollegräich Beispiller vu regionale Energiegemeinschafte virgestallt. Gläichzäiteg bitt d'Konferenz d'Méiglechkeet, fir zesumme mat Experten an de Participanten d'Potenzialer vun enger nohalteger Energieversuergung ze diskutéieren.

**Umeldung : Mellt Iech wgl bis spéitstens den 3. Februar online un**
**www.klimapaktfirbetriber.lu/de/infoveranstaltung-nachhaltige-energieversorgung/**

Um Programm:
16:00 Begréissung
16:15 Nohalteg a regional Energieversuergung a Betriber
16:30 Wat ass eng Energiegemeinschaft? Erklärung unhand vu Beispiller
17:00 Ëmsetzungsbeispiller aus dem Ausland
17:10 Erfarungsbericht aus Lëtzebuerg: Peintures Robin
17:20 Hëllefsstellung bei der Ëmsetzung vun engem Projet
17:30 Networking

D'Veranstaltung ass op lëtzebuergesch.

Mir freeën eis iwwer Är Participatioun a stinn Iech bei weidere Froe gären iwwer entreprises@klima-agence.lu zur Verfügung.

KlimaPakt FIR BETRIBER
Mir engagéieren eis fir d'Klima an d'Energietransitioun

De Klimapakt fir Betriber ass eng Initiativ vun der Lëtzebuerger Regierung (ministère de l'Économie, Service des aides aux PME, et ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité), an Zesummenaarbecht mat Klima-Agence a Luxinnovation fir d'Betriber duerch eng strukturéiert a koordinéiert Approche am Kader vun der Décarbonisation an der energeetescher Transitioun ze ënnerstëtzen, dëst virun allem duerch e vereinfachten Zougang zu Informatiounen zu Initiativen, Programmer, Begleedung a finanziell Ënnerstëtzungen. Méi Informatiounen op kbp.lu.